STA
TUS
QUO

DE NEIE STANDARD_21/01/16

|Aktuell|

E Flüchtling zu Lëtzebuerg

Am Dezember ware Schüler vum LEM an der Flüchtlingsarichtung zu Miersch. Si hunn sech doriwwer informéiert wéi d'Asylverfahren hei zu Lëtzebuerg ofleeft. Donieft gouf och en Interview mam Marc Piron vun der ASTI gefouert, dee responsabel fir de Foyer zu Miersch ass.

Wéi ass d'Prozedur wann e Flüchtling op Lëtzebuerg kënnt?

Fir d'éischt muss mol kloer gestallt ginn, wien iwwerhaapt heihinner kann bzw. däerf. Een sougenannten *Demandeur d'asile* ass een Mënsch dee säin Heemechtsland verlooss huet a lo an engem frieme Land wéi Lëtzebuerg Asyl ufreet. Säin Asylverfueren ass nach net ofgeschloss. Ee Flüchtling ass een, deen der Genfer Konventioun no berechtegt Angscht viru Verfolgung am eegene Land huet. Hien huet e Recht dorop an engem anere Land Schutz ze sichen.

Wann hei zu Lëtzebuerg een *Demandeur d'asile* ukënnt, kënnt e mol fir d'éischt an d'Hale vun der LuxExpo. Do bleift en fir dräi oder véier Deeg. Duerno ginn d'*Demandeurs d'asile* uechter d'Land an sougenannte „Foyers de premier accueil" verdeelt. Do ginn éischt Gesondheetschecker duerchgefouert. Zum Beispill gëtt gekuckt ob een un Tuberkulos erkrankt ass. Wann alles okay ass, ginn se nees weider geschéckt an zwar a Foyere wei hei zu Miersch. An sou engem Foyer waarden se da bis entscheed ass, ob se hei zu Lëtzebuerg bleiwen däerfen oder net.

Wann se hei däerfe bleiwen da kréien si ee sougenannten „Titre de séjour". Wann se net bleiwe kënnen, da mussen se innerhalb vun drësseg Deeg d'Land verloossen. Si kënne rëm an hiert Land zréck a kréie vun der Organisatioun OIM (Organisation internationale de migration) eng Ënnerstëtzung.

Wann e sech weigert zeréck ze goen, dann ass een an deem Fall illegal hei zu Lëtzebuerg. Dat heescht et muss ee sech virun der Police verstoppen a riskéiert an de Prisong ze kommen. Meeschtens probéieren d'Persounen dann an een anert Land weider ze flüchte fir net an hir Heemecht zréck mussen ze goen. Dat ass well déi Grënn, déi si zur Flucht beweegt hunn (Verfolgung, Aarmut) fir déi Betraffen nach weider bestinn, och wann dat hei vun den Autoritéiten net esou ageschat gouf.

Fotos: Jimmy Bruch / Eric De Oliveira

Um Findel existéiert zur Zäit nieft deene Plaze fir d'Leit déi nëmmen op de Fluch fir an hiert Heemechtsland waarden, och e „Prisong" (Centre de rétention) fir deijéineg, déi illegal zu Lëtzebuerg sinn an opgegraff goufen.

Fir d'*Demandeurs d'asile* an dem Foyer hei zu Miersch ass et schwéier eng Beschäftegung ze fannen, déi fir si sënnvoll ass. Si kënnen an deenen éischten néng Méint nach net schaffe goen. Während deem léieren si dofir awer Franséisch, fir dass se sech ee Minimum mat Lëtzebuerger verstännege kënnen. Vill Doktortitelen aus Afrika oder Vorderasie ginn hei net ugeholl. Dofir maachen der vill Stage fir nei Handwierker ze léieren oder fir den Niveau vun hiren alen Aarbechten ze verbesseren. Déi meescht wëlle schaffen, well si doduerch Onofhängegkeet erhalen an d'Aarbecht hinnen ee Sënn gëtt. Duerch d'Onofhängegkeet fillen si sech och méi staark a méi selbstsécher.

Wat kann ee fir d'Asylanten an d'Flüchtlinge maachen?

Et kann een sech bei Hëllefsorganisatioune wéi Caritas, ASTI an sou wieder informéiere goen an/oder spenden. Wann een awer spende well, da soll een am beschte keng Kleeder spenden, well dat ass dat wat all d'Hëllefsorganisatioune fir de Moment am Iwwerfloss hunn. Wann een awer zum Beispill al elektronesch Geräter wie Fernseh oder Radio oder CDPlayer doheem huet, freeën se sech driwwer. Bei YoungCaritas kann een sech och einfach spontan fir Aktiounen zesumme mat den Asylante mellen. Ausserdeem ka jiddwereen deen op sozialen Netzwierker aktiv ass, Virurteeler ofbauen an och einfach an eiser Gesellschaft de Respekt virun den Asylanten an Demandeurs d'asile förderen.

Wéi schafft de Foyer zu Miersch mam LEM zesummen?

Op dem Chrëschtmaart waren e puer Demandeurs d'asile komm fir hier Kultur e bësse mat eis ze deelen. Si hate bei eis ee Stand bei deem si puer Spezialitéiten aus hire Länner ugebueden hunn. Dat ass schonn deen éischte Schrëtt a Richtung Zesummenaarbecht gewiescht an et sinn nach weider Projete geplangt.

Nathalie Schroeder

Dëst Schouljoer um Chrëschtmaart
Foto: Laurent Henn

Interview mam Marc Piron

SQ : Wat kéint een nach an der lëtzebuerger Flüchtlingshëllef änneren?

MP: Wou soll ech ufänken? […] Gëschter (den 10. Dezember 2015) ass eng nei Gesetzgebung gestëmmt ginn, iwwert alles wat Prozedur ass. Also wéi laang mussen si (d'Flüchtlingen) waarden, bis si Bescheed gesot kréien, ob se dierfe bleiwen oder net. Dëst gouf op 6 Méint erofgesat, wat ech tipptopp fannen.

Nächst Woch gëtt den nächsten Deel vun der Gesetzgebung decidéiert, iwwert d'*Aide Sociale*, also d'finanziell Hëllef an d'Aarbechtsrecht. Et ass virun allem och do, wou leider guer keng Fortschrëtter gemaach gi sinn. Si kréie 25 Euro Täschegeld an da kënnen se nach eng Kéier fir 225 Euro bei

d'Camionnette lesswueren akafen goen an dat pro Mount. Si kënnen also net fräi entscheede wou se wëllen akafen. Et misst een hinnen Suen op e Compte setze kennen, mat deene si fräi entscheede kënne, wou si akafen. Dat ass deen éischte Punkt fir si ze autonomiséieren. Ma och déi 25 Euro pro Mount ginn net duer.

Et misst een och nach ganz vill a Saache Formatiounen an alles wat d'Aarbechtswelt ubelaangt maachen – och scho während hirer Prozedur, well den Aarbechtsmaart ass eng vun deene wichtegste Saachen a punkto Integratioun. [...] An do ginn et nach Tonnen aner Saachen. [...] Dat heiten ass jo och ëmmerhin e Pilotprojet, fir erauszefannen, wéi een d'Léit am beschte kann integréieren. Ënner anerem wéi een am beschte mat Associatiounen zesummeschafft oder mam Lycée vis-à-vis. [...] Dat ass ënner anerem och de Grond firwat d'ASTI de Foyer hei iwwerholl huet.

SQ: A punkto Ënnerstëtzung, wéi kann do den normale Lëtzebuerger am beschten hëllefen?

MP: Ech mengen et gi vill Méiglechkeeten, virun allem als Jonke kann een sech direkt engagéieren. [...] Ouni lo Reklamm ze maachen huet d'Caritas flott Projete fir matzemaachen, et ginn awer och nach vill aner Organisatiounen. [...] De Flüchtlingen e puer schéi Momenter schenken, wéi mat hinnen op e Fussballsmatch ze goen, ass och gutt, oder de Klassiker: d'Spenden. [...] Op de sozialen Netzwierker kann een och hëllefe fir d'Viruerteeler ofzeschafen [...].

Fotos: Jimmy Bruch / Eric De Oliveira

SQ: Ginn et dann och Saache wou de LEM hëlleft?

MP: Et fänkt scho bei dem Artikel un, wou der weist wéi et hei leeft, also är Matschüler sensibiliséiert. Do hunn mer awer och aner Projeten, zum Beispill beim Chrëschtmaart, wou mer gefrot gi si fir matzemaachen. Wou ech ganz frou driwwer sinn ass och déi Konventioun, déi mer ënnerschreiwe wëllen, déi et onse Leit erlaabt an den Entreprise a bei aneren Aktivitéiten matzemaachen. Dat ass och e grousse Schrëtt a Richtung Integratioun. Da krute mer och Propose gemaacht fir Nohëllefstonnen, ënner anerem vun de Sproochen-Centren. Dat si wierklech lauter Aart a Weise wéi är Schüler onse Leit hei kënnen hëllefen. [...]

D'Hausaufgabenhëllef ass definitiv eppes woumat wierklech gehollef wier. Mir hunn zwar Leit hei, déi dobäi hëllefen, mee et geet net ganz duer. [...] A villäicht gëtt et eng Kéier eppes wou dir ons och eriwwer ruffe kënnt, dat geet natierlech och ëmgedréint. Dat ass wierklech ee vu menge gréisste Wënsch, dat hei op sou eng harmonesch Aart a Weis wéi méiglech ze léisen.

Fotos: Jimmy Bruch / Eric De Oliveira

SQ: Wéi denkt dir dann, dass et an Zukunft zu Lëtzebuerg weider kéint goen?

MP: Hei zu Lëtzebuerg hu mer dat Ganzt bis elo relativ gutt hikrut. Laangwiereg musse mer eis awer och Gedanke maachen, virun allem wéi mer déi Leit integréiert kréien. [...] Wann dat lo net de Fall wier, da kéint dat fuerchtbar schif lafen. Am schlëmmste wiere Fäll wéi am Frankräich, wou lauter Ghettoen entstane sinn. Mee wa mer dat gutt organiséieren, dann ass dat kee Problem. [...] Onsen ähnleche Situatiounen aus der Vergaangenheet no ze beuerteelen, funktionéiert d'Integratioun.

SQ: Gëtt et dann nach en Message, deen dier gäre viru géingt ginn?

MP: Mäi Message ass einfach: Komm mir probéieren eis alleguerte géigesäiteg ze respektéieren an ze toleréieren a probéieren esou en harmonescht Zesummeliewen ze geréieren. An och ze verstoe wou den aneren hierkënnt. Dat heescht awer och deenen, déi heihi komme kloer ze maachen, dass d'Leit hei verschidden Ängscht hunn. Ängscht, déi een och misst no an no ofbaue, soss kéint d'Situatioun schnell kippen. An dofir eben einfach positiv bleiwen an un de gudde Wäerter festhalen.

Umierkung vun der Redaktioun:
Wann ons Artikelen iech sollten inspiréiert hunn, fir eppes fir Flüchtlingen ze maachen, da sot ons Bescheed. Mir géinge ganz gäre mathëllefe bzw. iwwert äre Projet beriichten.

Kris Hansen

|Ratgeber|
Fragen, Antworten & Tipps

Letztes Mal habe ich ja über das Körpergewicht geredet. Heute beantworte ich eine Frage, die mit dem Übergewicht zu tun hat. Viel Spaß beim Lesen!

Frage: Ich bin übergewichtig, was tun???

Antwort: Ich rate euch die Finger von Diätrezepten zu lassen, denn sich das während eines längeren Zeitraums anzutun ist sehr schwierig und kostet viel Mut und Überwindung. Deshalb heißt das Zauberwort: Sich dauerhaft gesünder ernähren! Keine Schokolade oder andere Süßigkeiten und mehr Obst und Gemüse. Wenn ihr aber nicht ganz auf eure Süßigkeiten verzichten könnt, dann merkt euch einen Tag in der Woche, an dem ihr Schokolade essen dürft.

Wenn ihr mehr Bewegung in euer Leben bringt, dann hilft das sehr viel. Am besten ist natürlich Joggen, aber wenn ihr nicht scharf darauf seid, dann reicht auch eine Stunde spazieren gehen. Dabei verliert ihr schon 280 Kalorien. Morgens, wenn ihr aufsteht und abends bevor ihr schlafen geht, könnt ihr Dehn- und Bauchmuskelübungen machen. Wenn ihr plötzlich Heißhunger bekommt, dann esst - obwohl es satt macht - keine Schokolade, sondern Möhren. Die machen satt und nicht dick.

Foto:Tom Mersch

Tipp: Wenn ihr übergewichtig seid, dann kann ich euch nur raten, mehr Sport zu machen und besser auf eure Ernährung zu achten, d. h. Finger weg von der Schokolade. Wenn ihr aber ein Normalgewicht habt und ihr euch trotzdem dick findet, merkt euch dieses Sprichwort: „Besser rund und gesund, als mager und hager!"

Ich hoffe ich konnte euch helfen, bis nächste Woche. Tschüss! :)

Anna Kater